



**Här Fernand Etgen
President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bidden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch an un den Här Minister fir Soziales weiderzeleeden.

Laut dem Statec sinn 2021 6.470 Kanner zu Lëtzebuerg op d'Welt komm. An dem Zesammenhang géing ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch an un den Här Minister fir Soziales stellen:

- A wéi vill Fäll huet et sech ëm eng natierlech Gebuert gehandelt?
- Bei wéi vill Gebuerten huet missen e Keeserschnëtt gemaach ginn?
- Huet sech den Undeel vun de Gebuerte mat Keeserschnëtt an de leschte 5 Joer verännert?
- Wéi schneit Lëtzebuerg bei de Cesariennen am Vergläich zu den aneren europäesche Länner of?
 - Wann et Differenze par Rapport zu den aneren EU-Länner ginn, wat sinn d'Grënn dofir?
- Sinn d'Cesariennen ausschliisslech aus medezinesche Grënn gemaach ginn?

Här President, ech bidden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt, épouse Kemp

Deputéiert



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7412 vum 22. Dezember 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt.


1. A wéi vill Fäll huet et sech ëm eng natierlech Gebuert gehandelt?

Bei wéi vill Gebuerten huet missen e Keeserschnëtt gemaach ginn?

Huet sech den Undeel vun de Gebuerte mat Keeserschnëtt an de leschte 5 Joer verännert?

Aktuell sinn just d'Zuelen bis d'Joer 2019 disponibel. Ee Rapport iwwer déi lescht 3 Joeren (2020-2022) wäert an den nächsten Méint opgestallt ginn.

Figure 25 : Distribution du mode d'accouchement, évolution depuis 2009



¹

Evolution zënter 2009 vun den Accouchementer opgedeelt tëschent spontan vaginal Accouchementer; Cesariennen an vaginal Accouchementer mat Instrumenter.

¹ Source : Rapport sur les naissances 2017-2019 – Surveillance de la santé périnatale au Luxembourg



D'Zuelen fir d'Joer 2020 sinn schonn validéiert, allerdéngs nach net publizéiert. Den PERINAT Register verzechent fir dat Joer 7.523 Gebuerten:

- 5.354 natierlech Gebuerten (71,2% vun den Gebuerten - 59,7% spontan vaginal Gebuerten an 11,5% vaginal Gebuerten mat Instrumentalisierung);
- 2.169 Cesariennen (28,8% vun den Gebuerten).

Am Joer 2009 goufen 28,8% Cesariennen verzechent. Tëscht 2014 an 2016 ass d'Unzuel vun Cesariennen op 32,2% geklommen, zënter 2017 ass allerdéngs eng Baisse vum Taux feststellen.

2. Wéi schneit Lëtzebuerg bei de Cesariennen am Vergläich zu den aneren europäesche Länner of?

D'Moyenne vun den Gebuerten déi iwwer eng Cesarienne stattfonnt hunn läit an Europa bei ronn 26%. Den Taux variéiert tëscht 16,4% (Norwegen) an 53,1% (Zypern). Zu Lëtzebuerg louch den Taux am Joer 2019 bei 30,4%.

Lëtzebuerg läit mat sengen Zuelen ähnlech wéi Éisträich an Däitschland. Länner wéi Nordirland (32,7), Schottland (35,5%), Polen (44,4%) leien mat hiren Zuelen iwwer dem Duerchschnitt vun Frankräich an der Belsch (20,6%, respektiv 21,5%).

Op folgendem Site sinn d'Zuelen fir déi verschidden europäesch Länner nozeliesen:

https://www.europeristat.com/images/Euro-Peristat_Fact_sheets_2022_for_upload.pdf

3. Wann et Differenze par Rapport zu den aneren EU-Länner ginn, wat sinn d'Grënn dofir?

Den europäesche Rapport stëllt en Nord-Süd Gefäll fest mat méi nidderegen Cesariennen-Taux'en an de nördlechen Länner a méi héich Taux'en a Süd- a Mëtteleuropa.

Iwwer eng länger Zäitspan gekuckt, sinn des Taux'en allerdéngs mat Virsicht z'interpretéieren. Verschidden Begebenheeten kënnen dës Variatiounen zwëschen den Länner erklären, ouni awer onbedengt den Haaptgrond dofir ze sinn firwat et dës Ecart'en zwëschen Nord an Süd gëtt. Ënnert anerem kann an verschiddenen Länner en spezifesch Profil vun der Fra (Alter, Gewicht, Virerkrankungen, hat d'Patientin schonns eemol eng Cesarienne etc.) oder nach d'Positioun vum Puppelchen oder den Terme vun der Entbindung ausschlaggebend fir eng programméiert Cesarienne sinn. Doriwwer eraus huet een och festgestallt datt an Länner wou am Allgemengen manner Informatiounen iwwer d'Gesondheet kommunizéiert ginn, den Taux un Cesariennen och méi héich läit.



4. Sinn d' Cesariennen ausschliisslech aus medezinesche Grënn gemaach ginn?

Fir d'Joer 2020 sinn zu Lëtzebuerg 2.169 Cesariennen duerchgefouert ginn (28,8 %). D'Ursachen sinn ënnerschiddlech:

	Effectifs	% valide
Arrêt progression travail	360	16,6
Souffrance foetale	279	12,9
Siège	273	12,6
Dystocie foeto-pelvienne	139	6,4
Convenance	90	4,2
Pathologie maternelle	83	3,8
Autre	72	3,3
Naissance multiple	61	2,8
Echec déclenchement	50	2,3
Placenta Praevia	32	1,5
RCIU	22	1,0
Echec forceps/ventouse	20	0,9
Macrosomie	19	0,9
Décollement placentaire	14	0,6
Prématurité	14	0,6
Transverse	13	0,6
Hémorragie utérine	12	0,6
Procidence du cordon	5	0,2
Dysgravidie	4	0,2
Stan pathologique	4	0,2
Circulaire du cordon	1	0,0
Total	2165	100,0
Manquant	4	
Total	2169	



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

An deem Kontext ass et wichteg z'ënnersträichen datt den Conseil scientifique du domaine de la santé am Joer 2021 Recommandatiounen iwwer geplangte Keeser-Schnëtt erausginn huet².

Lëtzebuerg, den 26. Januar 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette LENERT

² <https://conseil-scientifique.public.lu/fr/publications/perinat/indications-de-la-cesarienne-programmee-a-terme-au-Luxembourg-version-courte-maj-2021.html>